

Evangelium vum 6. Sonndeg am Joreskrees (Joer C)

Lk 6,17-18a.20-26

- 17 De Jesus ass mat senge Jünger vum Bierg erofkomm
an ass op enger Gläicht stoe bliwwen.
Vill vun senge Jünger an eng Onmass Leit aus dem Vollek,
aus ganz Judäa a vu Jerusalem
an aus [de Stied] Tyrus a Sidon, déi um Mier leien,
- 18a ware komm, fir him nozelauschteren
a fir vun hire Krankheete geheelt ze ginn.
- 20 De Jesus huet seng Jünger gekuckt
a sot:
"Glécklech dir Aarm,
well iech gehéiert dem Herrgott säi Räich!
- 21 Glécklech dir, déi dir elo Honger leit,
well den Dag kënnt, wou dir gesiedegt gitt!
Glécklech dir, déi dir elo kräischt,
well den Dag kënnt, wou dir nees laacht!
- 22 Glécklech sidd dir,
wann d'Leit iech wéinst dem Mënschejong senger haassen
a wann si iech ausschléissen,
iech Frechheete maachen
an ären Numm duerch den Dreck zéien!
- 23 Sidd deen Dag frou, danzt vu Freed,
well äre Loun ass grouss am Himmel.
Esou hunn nämlech hir Pappen et och mat de Prophéite gemaach.
- 24 Ma gare ärer, dir Räich,
well dir hutt ären Trouscht scho kritt!
- 25 Gare ärer, déi dir elo gesiedegt sidd,
well den Dag kënnt, wou dir Honger leit!
Gare ärer, déi dir elo laacht,
well den Dag kënnt, wou dir trauert a kräischt!

26 Gare ärer, wann alleguer d'Leit iech luewen!
Esou hunn nämlech hir Pappen et och
mat de falsche Prophéite gemaach."